



Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesche, Elisabeth MARGUE, a vum Här Innenminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 4489 vum 17. Juli 2026 vun den honorabelen Deputéierte Corinne CAHEN, Marc HANSEN a Guy ARENDT zum Sujet "Récentes arrestations pour trafic de drogues".

D'Bekämpfung vun der Drogekriminalitéit ass eng Prioritéit vun dëser Regierung.

Am Kader vum „Drogendësch 2.0“ goufen dofir, zesumme mat den zoustännegen Ministère an Autoritéiten, net nëmme präventiv, mee och repressiv Mesurë geholl, fir d'Drogekriminalitéit konsequent ze bekämpfen. Déi vun den honorabelen Deputéierten thematiséiert Festname bestätegen, dass d'Mesurë Wierkung weisen.

Wat déi concernéiert Festnamen am Zesammenhang mam Drogenhandel ugeet, ass ze präziséieren, datt all déi follgend Donnéeën op der leschter Auswärtung vun der Justizautoritéit vum 1. September 2026 an der Datebank JU-CHA baséieren.

Wichtig ass dobäi ze consideréieren, datt opgrond vun der Limitéit vun den disponibelen Donnéeën an der Datebank net ka garantéiert ginn, datt dës Donnéeën vollstänneg mat den 148 Persounen iwwereneestëmme, déi tëscht Januar an Enn Juni 2026 am Zesammenhang mam Drogenhandel festgeholl goufen.

1. Wéi vill vun deenen 148 Persounen befanne sech aktuell an Untersuchungshaft?

Laut der Auswärtung waren, deemno op den 1. September gekuckt, 38 vun de concernéierte Persounen an Untersuchungshaft. Dës Auswärtung baséiert op der Zuel vun de Mandats de dépôt.

2. A wéi ville Fäll goufen d'Persounen — mat oder ouni Kontrollmesuren — nees op fräie Fouss gelooss ?

Laut der Auswärtung goufen 80 Persounen aus der Untersuchungshaft entlooss.

Vun dësen 80 Persounen goufen 39 mat geriichtlechen Kontrollmesuren fräigelooss.

Bei 41 Persounen war kee Contrôle judiciaire renseignéiert.

3. Wéi vill Zäit ass am Duerchschnitt tëscht der Festnahme an der Fräiloossung vergaangen? Wéi vill vun den concernéierte Persounen goufen am weidere Verlaf vun der Prozedur nach eng Kéier virgelueden oder verhéiert?

Bei den uewe genannten 80 Persounen louch déi duerchschnittlech Dauer vun der Untersuchungshaft bei 52 Deeg.

Zu weidere Virloedungen oder Verhéier vun de concernéierte Persounen goufe keng weider Detailler an der Datebank erhuewen.



4. Wéi vill vun de fräigeloossene Persoune goufen duerno wéinst neien Delikter nach eng Kéier festgeholl ?

Vun deene Persoune goufen 10 Persounen duerno nach eng Kéier festgeholl. Dobäi muss awer präziséiert ginn, datt fir dës Auswärtung berücksichtegt gouf, ob géint déi selwecht Persoun en neie Mandat de dépôt ausgestallt gouf, onofhängeg dovun, ob dësen elo am Kader vun enger Drogenaffär ausgestallt gouf oder net.

5. Wéi vill vun de concernéierte Persoune waren zum Moment vun hirer Festnahm scho wéinst änlechen Delikter virbestrooft?

Et konnte 5 Fäll vu legaler Réckfällgkeet identifizéiert ginn.

Fir dës Auswärtung goufen nëmmen déi Fäll berücksichtegt, an deene géint déi selwecht Persoun en neie Mandat de dépôt **am Kader vun enger Drogenaffär** ausgestallt gouf.

6. Wéi vill vun dëse Prozeduren hunn zanterhier zu enger Verurteilung gefouert ?

Vun de concernéierte Persoune goufen der, bis den 1. September gekuckt, 8 an éischter Instanz verurteilt.

7. Wéi vill vun deenen Affäre goufen ouni Suivi klasséiert, an aus wéi enge Grënn?

Eng vun de concernéierten Affäre gouf ouni Suivi klasséiert. Zu de Grënn vum Klassement goufe keng weider Detailer erhuewen.

Lëtzebuerg, den 5. Oktober 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue